PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

A menge parlamentaresche Froen n° 881, 1163 an 1299 hat ech mech iwwert d'Verwennung vu Pabeier beim Staat souwéi den externen Drockopträg beim Staat ëmfrot.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Tableau vun der Äntwert op d'Fro n°1299 ass bei enger Imprimerie vun 2013 bis 2019 eng Verdräifachung vum ausbezuelte Montant fir d'Opträg festzestellen. Gläichzäiteg ass d'Unzuel vun den Opträg mat 98 Opträg méi niddreg wéi bei aneren Imprimerien.

   De Minister äntwert des Weideren op d'Fro n°11

   > *Generell, ginn Präisser bei e puer Dréckereien ugefrot an de bëllegsten Ubidder gëtt geholl.*

   - Wéi ass z'erklären, déi Imprimerie mat manner Drockopträg ewéi seng Konkurrente méi Suen erhalen huet?
   - Kann de Minister confirméieren, dass bei den Ausschreiwunge fir d'Drockopträg säit 2013 gläich Krittäre fir all d'Imprimerie gëllen?

2. 2016 huet eng Imprimerie Faillite gemaach. Kann de Minister matdeelen ween déi feelend Drockopträg vun dëser Imprimerie am Folgejoër kritt huet a wat vir een Typ vun Opträg déi Imprimerie kruuten?

3. Kann de Minister ausschléissen, datt an deenen Imprimerien, wou Memberen vum Verwaltungsrot direkt oder manner direkt a Verbindung mat Regierungsparteien stinn, doduerch Drockopträg zu Gonschten vun dësen Imprimerien entscheet goufen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange